

Infos vum Schäfferot:

- An der Buvette bannen an der Hal wäert nieft dem Gedrénks, just gratis Uebst ugebuede ginn, soss alles am Food Village dass d'Leit sech do sammeln.
- De Benefice gëtt op d'Veräiner opgedeelt, zousätzlech kréien si och nach e Subside vun 150 Euro pro Club fir d'Organisatioun/Participatioun un engem lokalen Evenement. Dat ass esou reglementéiert.
- Den Hiefenecher Basket gëtt net direkt um Gewënn bedeelegt, mee kritt e Subsid extraordinäre, deen equivalent ass wéi wat déi aner Veräiner kréien.
- D'Benevole kréie keng Consommationsbongen gratis. Hei soll als Veräin intern sech organiséieren, wann si hire Benevole wëllen eppes gi fir hier Aarbecht.
- Mir froen d'Amicale vum CGDIS, ob si géife mat enger Ambulanz op d'Plaz kommen.
- Mir hu schonn e gréissert Parcours-Sprangschlass esou wéi een XXL Darts reservéiert. Uewen hu mir méi Plaz, dofir sollt nach e weidert Sprangschlass hin a nach verschidde Spiller. De Fussball hat de Babyfoot an eng Torwand gefrot. Och ee Rodeo ass bestallt, op deem een eben sou laang wéi méiglech um Stéier muss setze bleiwen.
- Bei d'Sprangschlässer sollen effektiv „Oppasser“ kommen (zb dann den Danzclub Dillendapp, déi dëst an der Versammlung proposéiert hunn).

5) Projeten / Tâchen

5.1. Lënster Maart

- D'Haaptleit fir dëse Projet sinn ■■■
- Leider ass et net méiglech op der NDS e Seefekëschterennen ze organiséieren. Dofir hu mir geduecht esou ee Seefekëschterennen um Lënster Maart ze organiséieren als Kommissioun.
- Verschiddener aus der aktueller a fréierer Kommissioun waren sech dat op Déifferdeng ukucken.
- De Club vun Déifferdeng huet eis Bescheed gesot, dass si eis kënnen 2 – 3 Seefekëschten zu Verfügung stelle fir dëst Event. Esou kënnen si och bei eis an d'Kommissiounssëtzung kommen an de Projet méi genau virstelle fir dass mir eis ee bessert Bild kënnen maachen. Esou haten si zum Beispill 15 – 16 Autoen
- Hei kënnen mir och Partner mat abannen. Dëst wieren eventuell de „Gutt Drop“. De ■■■ freet beim ■■■ a ■■■ no, op eventuell Interessi besteet dëst am Adventure mat anzebannen. Eventuell kéint een och de ■■■ froe fir hei zesummenzeschaffen.

5.2. Sportleréierung

- Fir d'Sportleréierung sinn d'Haaptleit ■■■ an ■■■ De Grousse Sall vum Polyvalent ass vum ■■■ op der Gemeng reservéiert ginn.
- Mir wëllen dëst Event veränneren. Esou ass d'Iddi komm, ee Coach, ee Starsportler wéi zum Beispill am Fussball oder am Tennis ze invitéieren. Hei kéinte mir Interviews maachen, wéi ass et Profi ze sinn etc. Eventuell kéinten d'Kanner an déi Jugendlech hir Froe stellen. Dëst kéint déi Jonk motivéieren hier Dreem ze verwierklechen.

- Esou wëlle mir och mat Video schaffen. Vun den eenzelne Veräiner mat hiere diverse Sportarte solle Clips (maximal 30 Sekonnen) gewise ginn.
- Esou wëlle mir och bekannt Sportler invitéieren déi souguer eventuell aus eiser Gemeng sinn

5.3. Jugendgemengerot

- Fir de Projet vum Jugendgemengerot sinn déi Haaptleit ■■■.
- Dëse Projet wëlle mir zesumme mam „Zentrum fir politesch Bildung“ maachen. Esou wéi dëst och vum Schäfferot ugeduecht ass.
- Aktuell kritt d’Personal vun der Gemeng eng méiglech Formation continue fir sech an dësem Beräich weiderzebilden. Hei kann d’Gemeng och decidéieren och an der Leit an dës Formatiounen ze schécken. Hei muss nogefrot gi wéi dëst genau virgesinn ass vun der Gemeng.
- Den 23. Abrëll ass esou eng online Formatioun

6) Oppen Diskussioun

- Aktuell huet d’Gemeng kee Maskottchen. Hei wier et d’Iddi dëst entweder dem zukünftege Jugendgemengerot ginn oder als Kommissioun ze maachen. Hei kéinte mir och mat de Schoulen an eiser Gemeng zesumme schaffen. Dëst Maskottche kéinte mir an d’Zukunft dann och fir d’Nuit du Sport benotzen.
- Aktuell kréien d’Premièreeschüler vun der Gemeng eng Enveloppe respektiv Iwwerweisung nodeems si hir Notten eragereecht hunn. ■■■ freet op der Gemeng no wéi vill Schüler dëst pro Joer sinn. Hei kéint een eventuell mat dësem Budget eng kléng Promnight respektiv ee Schoulofschloss organiséieren.

7) Nächst Datumer

Datum	Auerzäit	Plaz	Beschreibung
14.04.2024	20:00	Online Link	Diskussioun iwwert d’Nuit du Sports
15.04.2024	19:00	Centre Culturel	2. Infosversammlung fir d’Nuit du Sport
17.04.2024	19:30	Centre Polyvalent	3. Versammlung
08.06.2024	16:00	Op Fréinen	Nuit du Sport

8) Ännerschräften

■	■	■
■	■	■
■	■	■
■	■	